**Här Claude Wiseler**
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 02. Oktober 2024

Här President,

Esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës urgent parlamentaresch Fro iwwert **en Disziplinarverfare bei der Police** un **den Här Inneminister** weiderzeleeden.

An engem rezente Pressebäitrag gëtt opgeworf, dass de Lëtzebuerger Policegewerkschaftsverband SPFP der Police virwerft, de Generalsekretär vun der Policegewerkschaft SNPGL mat ongerechtfäerdegten Disziplinarmoossnamen ze schikanéieren, fir säi méigleche Récktrëtt ze provozéieren. Dëse Konflikt hätt ugefaang wéi hien E-Bikes vun enger Gemeng ugeholl huet, fir Patrullen ze fueren, well d'Police selwer keng zur Verfügung gestallt huet, wat zu Disziplinarmoossname gefouert huet. Den SPFP mengt, datt dëst bewosst gemaach gëtt, fir hie wéinst senger gewerkschaftlecher Roll ze diskreditéieren.

An dësem Kontext erlaben ech mer follgend Froen un den Här Minister ze stellen :

1. **Wéi schätzt de Minister d'Virwërf an, datt Disziplinarmoossname benotzt géife ginn, fir e Gewerkschaftsleader ze schwächen? Ass dëst als en Afloss op d'Gewerkschaftsfräiheet ze wäerten?**
2. **Wat sinn déi intern Mechanismen déi solle sécherstellen, dass Disziplinarverfaren net als Schikan kënne genotzt ginn?**
3. **Wéi rechtfäerdegt d'Polizeidirektioun den Uerder, d'E-Bikes zeréck ze ginn, a gouf dës Decisioun iwwerpréift?**

Mat déiwem Respekt,

**Meris SEHOVIC**
Deputéierten